



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5523 vum 20. Januar 2022 vum honorabelen Députéierten Nancy Arendt

Ad 1), Ad 2):

D'Zuelen am folgenden Tableau stellen de "nombre d'affaires" duer, net eenzel Persounen. Wann zum Beispill aus engem Foyer e puer Mannerjäreger beieneen als vermësst gemellt goufen, gëtt dëst als 1 Affär an den Datebanke vun der Police grand-ducale saiséiert. Ënner dës Zuele falen och Jugendlecher, déi vun doheem oder aus engem Foyer fortlafen.

Affäre vermësst gemellter Mannerjäreger	2018	2019	2020	2021
	347	391	444	512

Wéi aus deem Tableau ersiichtlech, huet d'Police tëschent 2018 an 2021 eng Hausse vun nobäi 48 % vun den Affäre bei Vermësstemeldunge vu Mannerjäreger enregistriert.

Ad 3):

D'Datebanken erméiglechen et net ee statistesch direkte Lien hierzustellen, tëschent de Vermësstemeldungen an den Affären wou als vermësst gemellte Mannerjäreger erëm fonnt gi sinn.

Ad 4):

D'Police féiert keng offiziell Statistiken iwwert d'Grënn vum Verschwanne vu Mannerjäreger.

Lëtzebuerg, den 15/02/2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX